

En partenariat avec



Bal all Liewensmëttel ass agepaakt – a Pabeier, Kartong, Plastik, Glas oder Béchsen. Fir dass aus deene Stoffer erëm nei Saachen hiergestallt kënnen ginn, trenne mir dës Materialien a bréngen se an déi entspreechend Containeren.

MIR RECYCLÉIEREN!

Kuckt fir d'alleréisch awer mol eng Kéier déi Verpackunge ganz genee! Dat lount sech, well do si richteg Schätz dobäi, aus deenen ee selwer nach vill flott Saache ka maachen.

UPCYCLING

Beim Upcycling - wat vum Engleschen „up“ (erop) a „recycling“ (nach eng Kéier benotzen) kënn - ginn Offallproduiten oder (scheinbar) onnëtz Stoffer an neiwäerteg Produiten ëmgewandelt.

No dem Motto „Aus Al maach Nei“ ginn et vill verschidden Iddie fir ze bastelen, et geheet een net esou vill ewech an et kann een aus ale Saachen eppes Neies, Kreatives a Besonnesches maachen.

Dat kléngt ganz cool an dofir hei eng flott Upcycling-Iddi, fir selwer ze maachen. Vill Spaass!!



BÉCHSELANTER

Dir brauchst:
eng eidel Béchs
een Nol
een Hummer
ee Kichenduch
ee Pinsel
Faarwen
een Téiliichtchen
Wann dir wëllt: Band fir opzehänken

A LASS!

Wäscht fir d'alleréisch d'Béchs mat waarme Waasser an dréchent se gutt of. Fëllt se da mat kalem Waasser op a stellt se an d'Gefréierfach. Wann d'Waasser gefruer ass, kann een d'Béchs eraushuelen a weiderschaffen. Leet är Béchs op e Kichenduch op eng stabil Ënnerlag an da kënn dir mam Hummer an engem Nol Lächer an d'Béchs schloen (duerch d'Äis an der Béchs gëtt se net verformt!).

Wann dir är Lanter hannenno wëllt ophänken, kënn dir nach zwee kleng Lächer vis-à-vis vun eneen uewen un de Bord vun der Béchs schloen.

Wann dir zefridde mat ärem Lach-Muster sidd, kënn dir d'Äis eraushuelen an d'Béchs gutt ofdréchnen. Elo kënn dir se umolen, am beschte vu baussen a bannen, dat gëtt eng immens flott Luucht am Däischteren. Loost d'Faarwe

gutt dréchnen, da kënn dir en Téiliichtchen dra stellen. Déi, déi wëllen, kënnen nach e Band mat den zwee Enner duerch déi zwee Lächer uewen um Bord zéien an en décken, feste Knuet op all Säit maachen, fir dass d'Band gutt fest ass. Elo kënn dir är Béchselanter ophänken!



De Regulus Junior-Club

ass e Club fir Kanner vu 6 bis 12 Joer, déi sech fir d'Natur interesséieren a gemeinsam wëllen op Entdeckungsrees goen. Bei dësen Aktivitéiten op der Kockelscheier sinn nach Plaze fräi:

Mir berengen Vullen (8-12 Joer) den 27.02.2020
Schnëtzatelier (8-12 Joer) den 10.03.2020
Dramfänger (6-12 Joer) den 24.03.2020

Wann s du wëlls matmaachen, da mell dech un:
Regulus Junior-Club / natur&ëmwelt a.s.b.l.
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel. 29 04 04-1
secretariat@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu